



Merci soe fir seng Rapporten.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. Den Här Roberto Traversini huet d'Wuert.

► **M. Roberto Traversini (déi gréng).**- Och Merci dem Rapporteur. An ech ginn heimadder den Accord vun der grénger Fraktioun. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Här President. Och vun eiser Säit aus dem Rapporteur Merci. Mir wäerten och d'Zoustëmmung zu dësem Projet bréngen, genau wéi ech elo scho kann am Virus soen, datt mer och d'nächst Joer wäerten d'Zoustëmmung bréngen, wann et eng fënnefte Kéier wäert verlängert ginn.

(Hilarité)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Den Här Baum huet d'Wuert.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Här President, och mir ginn eis Zoustëmmung zu dësem Projet, wou ee jo soe muss, dass ee sech e bësse virkënn wéi an enger gudder Wirtschaft: Wann de Wiert bis eng Kéier „Feierowend!“ geruff huet, da freet ee séier nach dee leschte Patt, a wann dee bis gedronk ass, den allerleschten. A wann dann och dee gedronk ass, da freet een de wierklech allerleschten am Goen. An ech hoffen, datt mer keng fënneft weider Verlängerung brauchen. Dëst gesot: Mir ginn eis Zoustëmmung.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Domat ass déi allgemeng Diskussioun ofgeschloss an d'Wuert huet den Här Innenminister.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur.**- Jo, Merci och vun der Regierung un de Rapporteur an un déi zoustänneg Chamberskommissioun. Ech mengen, dat meescht ass gesot, fir net ze soen, et ass alles gesot. Merci fir d'Verständnis, dass mer dat nach eng Kéier konnten elo verlängeren. Am Interêt vun enger wierklecher Simplification administrative ass dat heite richtig a mir konnten net an enger Situatioun bleiwen, wou praktesch d'Halschent vum Land net méi kéint weider bebaut ginn. Duerfir Merci fir d'Verständnis an och d'Zoustëmmung vun alle Fraktiounen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Den Här Wolter freet Parole après ministre.

► **M. Michel Wolter (CSV).**- Här President, well den Här Innenminister op eng Fro, déi mäi Parteikolleeg, den Här Roth, gestallt huet, net geäntwert huet, näämlech déi, wat d'Konsequenze si vun engem Uerteel vun der Cour administrative rezent am Kader vun engem PAG, wou d'Cour administrative decidéiert huet, dass keng SUP méi noutwendeg ass, wann een eng Annerung oder eng Reform vu sengem PAG mécht, ouni dass een Terrainen eran- oder eraushëlt, also am Kloertext seet, dass nëmmen nach, wann en Terrain aus der Gréngzon an de PAG kënnit respektiv de Contraire gemaach gëtt, eng SUP noutwendeg ass, wär et wichtig, wann een d'Gemengen dorüwwer géif informéieren, well dat eng ganz staark Incidenz huet am Fall vun deem PAG. An där Gemeng, déi ech presidéieren, hunn alleng d'SUP 1 an d'SUP 2 zwee an en halleft Joer Prozedur kascht.

Meng éischt Fro ass also, Här Innenminister: Hutt Der Kenntnis vun deem Uerteel? Dovu ginn ech aus. Déi zweet Fro: Wat sinn d'Konsequenzen dovunner? Déi drëtt Fro ass: Weini gedenkt Der, d'Gemengen driwwer ze informéieren, a wéi engem Mooss se an Zukunft, wa se e PAG maachen, ouni dass se gréisser Modifikatioune vun der Bebaubarkeet vun den Terrainen maachen, wat fir eng Prozeduren dann nach do musse maachen?

Merci, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. Den Här Innenminister huet d'Wuert.

► **M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur.**- Jo, ech hunn net dem Här Roth geäntwert, well den Här Roth keng Fro gestallt huet, mä en huet just eng Feststellung gemaach. Elo huet den Här Wolter eng Fro gestallt. Ech kann him soen, dass dat Uerteel natierlech d'Opmierksamkeet vun der Regierung op sech gezunn huet an dass den Environnement, den an éischter Linn domadder befaasst ass, amgaangen ass, eng Analys ze maachen iwwert d'Konsequenzen, déi dat huet bei der Bearbechtung vun de PAGen.

A selbstverständlech, le moment venu, wou déi Analys gemaach ass an och d'Iwwereneestëmmung ginn ass mat den internationalen Obli-

gatiounen, déi eist Land huet, wäerte mer dann déi néideg Konsequenzen zéien, wa se da musse gezu ginn.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Ech wollt nach eng Kéier präziséieren, dass mer am Article unique driwwer ofstëmmen, dass den Datum vum 8. August 2018 duerch den Datum vum 1. November 2019 ersat gëtt - fir alles kloer ze maachen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7296 et dispense du second vote constitutionnel

Da géif ech zur Ofstëmmung iwwergoen. D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwwer.

Mir korrigéieren. Ech stelle just fest: Et ass Unanimitéit.

Le projet de loi 7296 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par M. Claude Wiseler), Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Boffering, Tess Burton (par Mme Claudia Dall'Agnol), M. Yves Cruchten (par M. Alex Bodry), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par Mme Cécile Hemmen), Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. André Bauler), MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Lex Delles), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter (par Mme Josée Lorsché), Sam Tanson et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).

An ech froen d'Chamber, ob se d'accord ass, fir d'Dispens ze froen.

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Mir kënnen zum nächste Projet vum Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 6614, e Projet, den d'Liewensmëttelkontroll hei zu Lëtzebuerg betrëfft. An d'Wuert huet direkt d'Rapportrice, d'Madamm Cécile Hemmen.

3. 6614 - Projet de loi instaurant un système de contrôle et de sanctions relatif aux denrées alimentaires

Rapport de la Commission de la Santé, de l'Égalité des chances et des Sports

► **Mme Cécile Hemmen (LSAP), rapportrice.**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Madamm Minister, dëst wichtegt Gesetz iwwert d'Liewensmëttelkontroll an d'Liewensmëttelsécherheet, wat eigentlech och zimlech séier misst ëmgesat ginn, huet eng laang Virgeschicht, déi bis op 2003 zrëckgeet.

Déi Europäesch Kommissioun huet eis dunn drop opmierksam gemaach, dass eist bestoend Gesetz iwwert de Contrôle alimentaire vun 1953 misst iwwerkuckt ginn, fir et dem europäesche Recht unzepassen. Bei hirem initiale Rapport an den zwee Auditen, déi vun dem Office alimentaire et vétérinaire gemaach goufen, 2004 an 2006, ass drop higewise ginn, dass d'Dispositiounen vun eisem Gesetz vun 1953 a verschiddene Punkten effektiv net konform wieren, wat d'Gesamtreglementatioun ubelaangt grad ewéi d'Koordinatioun vun de Kontrollorganen. Dës Defiziter um Niveau vun eiser nationaler Legislatioun sinn iwwregens nach eemol an engem groussen Audit 2009 an 2010 bestätegt ginn.

2012 dunn huet déi viregt Regierung sech vis-à-vis vun der Europäescher Kommissioun engagéiert, fir sech konform ze setze virun Enn 2013. Dës Regierung ass dunn op dee Wee gaangen, andeems se schonn emol d'Gesetz iwwert d'Reform vun der Direktioun vun der Santé ausgeschafft huet mat der Mise en place vun enger Divisioun vun der Sécurité alimentaire. Dëst Direktiounsgesetz huet dann och d'Missioun vun där neier Divisioun a vun hiren Agente fixéiert.

Net méi spéit wéi de 17. September 2013 ass d'Gesetz 6614 iwwert de Système de contrôle et de sanctions relatif aux denrées alimentaires deposéiert ginn. Déi nei Kommissioun huet sech dunn am Dezember mat dem Text auserneegeat an déi éischt Avisé vun der Handwierkerkummer, vun der Chambre de Commerce a vum Statsrot sinn dunn no an no erakomm.

De 7. Juli 2015 sinn d'Gesetz an déi verschidden Avisen an der Santéskommissioun duerchdiskutéiert ginn. Doropshi war et laang roueg ronderëm d'Gesetz, an dat hat och sai guddé Grond: Et ass e grouss ugeluechten Audit lancéiert gi vum Gesondheetsministère zesumme mam Landwirtschaftsministère, fir déi gesamt Kontrollaarbechte vun der Liewensmëttelketten ënnert d'Lupp ze huelen. Opgrond vun de Resultater vun dësem Audit sinn am Mee 2017 du 14 Regierungsamendementer deposéiert ginn, déi d'Moosnamen definéieren, fir dass d'Automatisme besser handele kënnen an domadder de Contrôle vun de Liewensmëttel verbessern, fir op déi Aart a Weis d'Hygiène an och d'Sécherheet vun den lesswueren sécherzestellen.

Dës Mesurë begräifen ënner anerem d'Reorganisatioun vun de Strukturen, d'Mise en place vun engem Commissaire à la qualité, à la fraude et à la sécurité alimentaire, d'Schafe vun enger Base de données unique, d'Harmonisatioun vun de Kontrollprozeduren, d'Mise en place vun engem harmoniséierte System vu Kontrollen a Sanktiounen an d'Transparenz vun de Resultater vun de Kontrollen. Dëst natierlech mat engem Zil: eng besser Effizienz an Transparenz mat allem, wat d'Liewensmëttelsécherheet ugeet, souwuel fir d'Bierger an d'Konsumente grad ewéi och fir d'Entreprises.

Souwuel d'Chambre de Commerce wéi och d'Handwierkerkummer an de Statsrot hunn nach zousätzlech Avisen eragereecht. An et ass och Wäert drop geluecht ginn, fir d'Agrarkommissioun ëm en Avis ze froen, den och am Kader vun der Sëtzung vum 30. Mäerz ausgeschafft ginn ass. An den 19. Juni dunn ass de Rapport vun dësem Gesetz ugeholl ginn.

Ech si schonn drop agaangen, dass dëst Gesetz drop beduecht ass, fir déi lëtzebuergesch Gesetzgebung konform ze setze mat der europäescher Reglementatioun, andeems de Champ d'application erweidert gëtt, an zum anere soll de System vun de Kontrollen iwwert den nei geschafene Poste vum Kommissär reorganiséiert ginn.

D'Handwierkerkummer begréisst iwwregens an hiren Avisen, dass sech endlech eppes deet bei der Reorganisatioun vun de Kontrollmechanismen, a streeft sech géint déi Abberzuel vu verschiddene Verwaltungen, déi hirem Horeca-Secteur d'Liewe schwéiermaachen. Si wënscht sech e kohärent Gesetz an eng verantwortlech Instanz, déi hiren Usprichpartner ass. En gros kann een och soen, dass d'Chambre de Commerce sech och gréisstendeels dësen Iwwerleeungen ugeschloss huet.

Well et bei der Liewensmëttelsécherheet an éischter Linn ëm d'Gesondheet vun Konsument geet, läit déi natierlech Kompetenz vun der Kontroll a vun der Liewensmëttelsécherheet beim Gesondheetsministère, sief et duerch d'Beschrëftung, duerch den Import, duerch de Risiko vu mikrobiologeschen oder chemesche Kontaminatiounen, déi sech op d'Gesondheet auswirken, duerch d'Inhaltstoffer an Zousatzmëttel, déi an den lesswueren kënnen verschafft ginn, an net zulescht och fir d'Kommunikatioun zum Konsument iwwert d'Liewensmëttel, déi als net sécher ugesi ginn, an dat iwwert de Système d'alerte rapide oder e Communiqué de presse.

De Landwirtschaftsministère dergéint ass zoustänneg fir alles, wat déi primär Produktioun vun de Liewensmëttel ugeet. A seng Kontroll bezitt sech op d'Déieren, d'Geseems an déi landwirtschaftlech Produkter. Och den Departement vun Konsumenteschutz ass beim Contrôle vun de landwirtschaftleche Produkter mat implizéiert, ënner anerem fir de Volet vun der Informatioun un d'Bierger.

Des Weideren ass eise Landwirtschaftsministère och zoustänneg fir d'Qualitéitsnormen an d'Labelen, wéi zum Beispill „Marque nationale“, a soss Bioproduiten, déi ausgezeechent ginn.

Alles an allem wäert iwwert dëst Gesetz eng méi enk Zesummenaarbecht mat béide Ministèren an hire jeeweilige Verwaltungen ugestriift ginn. An et wäert och eng eenzeg Kontaktadress ginn, deemno een administrativen Usprichpartner fir sämtlech Betriber, déi am Secteur vun der Alimentatioun a vun der Restauratioun schaffen.

Dëse Rôle wäert dem Commissaire à la qualité, à la fraude et à la sécurité alimentaire zoukommen, den d'Koordinatioun iwwerhëlt an dann eben och déi Haaptkontaktperson ass. Esou iwwerhëlt de Kommissär de ganzen Aufgabebereich och vum sougenannten „OSQCA“, dem Organisme pour la sécurité et la qualité

de la chaîne alimentaire, den domadder eigentlech och keng Daseinsberechtigung méi huet an dann och ofgeschafft gëtt.

An hirem Avis huet d'Agrarkommissioun d'Fro opgeworf, ob et net ubruecht wier, dass de Landwirtschaftsministère sech och un der Propositioun vun der Nominatioun vum Kommissär misst bedeelegen, weinst senger Tutelle iwwert d'Veterinärverwaltung. Dëst kann awer esou net guttgeheescht ginn, well den Artikel 2 vum Veterinärgesetz ganz kloer seet, dass dës Verwaltung och dem Gesondheetsministère ënnersteet, wat d'Kontrolle vun der Sécherheet vun den déieresche Liewensmëttel ugeet, sou dass d'Nominatioun vum Kommissär op enger gemeinsamer Propositioun vum Gesondheetsminister a vum Minister, den de Konsumenteschutz a sengen Attributiounen huet, berout.

Wat elo d'Taxatioun vun dëse Kontrollen ugeet, esou wäerten déi just beim Suivi ufalen. Déi éischt programméiert Kontrollen an engem Betrieb kaschten näischt. D'Modalitéiten dovunner wäerten dann awer nach iwwer e groussherzoglecht Reglement geregelt ginn.

D'Gesetz applizéiert sech net nëmme méi op d'lesswueren selwer, mä neierdengs och op all Materialien a soss Objeten, déi a Kontakt komme mat den lesswueren, och d'Transportmëttel, d'Lokaler, wou d'lesswueren preparéiert ginn, wou se stockéiert ginn, wou se verkaaft ginn, an och d'Zousatzstoffe.

All Betrib, dee mat lesswueren schafft, muss enregistriert si respektiv och agreéiert sinn, wann e mat déieresche Produits schafft, an ënnerläit domadder och de Bestëmmunge vun dësem Gesetz, wat d'Regle vun Hygiène an och soss Moosnamen betrëfft.

Et muss een och wëssen, dass de Verkauf vun lesswueren iwwer Internet och de Kontrollen ënnerläit. D'Kontrolle ginn um Terrain vun de Beamte vun der SECUALIM, vun de Beamte vun der Veterinärverwaltung an den Agente vun der Douane gemaach, vum Grad vum Brigadier principal un an nodeems si och eng speziell Formatioun gemaach hunn.

D'Kontrollen an och déi domat verbonne Sanktiounen ginn de sämtlechen europäesche Reglementer ugepasst, wat d'Santé publique ubelaangt a Bezuch mat der Liewensmëttelketten. Dëst kënn penal Sanktiounen ginn, mä awer och eng ganz Rëtsch vun administrative Mesurë kënn getraff ginn.

Jee nodeem, wéi grav dass d'Faite sinn, si Sanktiounen virgesinn, déi vun 150 bis 2.000 Euro, jo souguer a jee nodeem bis 500.000 Euro kënn goen. An och bis zu dräi Joer Prisongsstrofe kënn ufalen.

Dëst, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, weist drop hin, wéi eng Wichtigkeet der Hygiène vun eisen lesswueren zoukënn an dass mer net aus den Ae solle verléieren, dass eigentlech alles, wat an dësem Gesetz ugeduecht ass, och voll an den Domän vun der Santé publique erapast. Déi concernéiert Verwaltungen vun der Direktioun vun der Santé, vun dem Service vétérinaire an och e klengen Deel vun der Verwaltung vun den techneschen Dëngschter vum Landwirtschaftsministère an d'Leit vun der Douane wäerte sech deem nächst och geografesch an engem Gebai zesummefannen.

D'Resultater vun de Kontrolle ginn iwwregens och public gemaach iwwer Smileyen an de verschiddenen Etablissementen, fir heiriwwer de Konsument och beschens ze informéieren. Och do gëtt nach e groussherzoglecht Reglement ausgeschafft, fir déi genau Modalitéiten ze definéieren.

Dëst Gesetz gesäit dann och vir, dass verschidde Beamte kënn Mesures d'urgence huelen, wann et eng Gefor gëtt fir d'Effentlechkeet, déi dat géif verlaangen a wou direkt misst gehandelt ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, Här President, och wann eise Kontrollsystem wat d'lesswueren ubelaangt bis elo net allze schlecht war hei zu Lëtzebuerg, esou kommen elo natierlech Verbesserungen mat dësem Gesetz. Eleng schonn de Fait, dass d'Koordinatioun iwwert de Kommissär geregelt ass an dass d'Resultater vun de Kontrolle public gemaach ginn, bréngt d'Akteuren an der Liewensmëttelbranche dozou, nach méi diszipliniert ze ginn, an d'Konsumente wäerte mat Sécherheet méi Vertraue kréien.

Vun dësem Gesetz kann ee sech also erwaarden, dass an allen Hiische méi séier a besser wäert gehandelt gi bei der Kontroll, beim Suivi vun de Kontrollen, bei der Matdeelung un d'Bierger am Fall vun engem gréisseren Liewensmëttelproblem oder -skandal, bei méi haarde Strofen an natierlech de kuerze Weeër bei déi richteg Instanz, wou ee séier agräife kann.

Dëst alles gesot, mengen ech, brauch een net méi allze vill bäizefügen. Dat Gesetz ass wichtig. Et besteet eng Drénglechkeet, fir et ëmze-



setzen. An ech gi vun hei aus dann och den Accord vun eiser Fraktioun an ech soe Merci fir d'Opmierksamkeet.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och der Madamm Rapporteuse. An d'Wuert huet elo d'Madamm Françoise Hetto-Gaasch.

Discussion générale

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir unzefänken e ganz grouse Merci der Madamm Hemmen fir hiren exzellente schrëftlechen an och mëndleche Rapport. D'Liewensméttelsécherheet ass e ganz wichtegt an och e ganz sensibel Thema. Dofir ass et ze begreifen, dass mir eis elo e Kontrollsystem gi mat gegebenfalls Sanktiounen, déi spille beim Net-anhale vun de Regeln.

An de leschten 20 bis 30 Joer goufen et eng ganz Rei vu Liewensméttelskandalen, och eng ganz Partie vu méi graven. D'Liewensméttelsécherheet ass deemno en Thema, dat jiddweree vun eis concernéiert. Et ass un der Politik, fir de Verbraucher ze beschützen, an dofir brauche mer och ee strenge legale Kader, ouni awer op där anerer Säit d'Liewensméttelproduzenten ze schikanéieren.

Et gouv scho gesot, den Text, iwwert dee mir elo ofstëmmen, huet zwee Objektiv: d'Lëtzebuerger Gesetzgebung den europäesche Regeln unzepassen an eis domadder konform ze maachen an, op där anerer Säit, dann och de Kontrollsystem ze reorganiséieren duerch d'Schafung vun engem Commissaire du Gouvernement, dee mat der Koordinatioun vun der Kontroll am Terrain am Beräich vun der Liewensméttelsécherheet beauftragt ass. Gläichzäiteg soll hien d'Prozeduren an d'Modalitéiten vun der Kontrolle fir all Etablissementer am Beräich vum Liewensméttelsektor harmoniséieren.

Sou wäit, sou gutt, den Däiwel läit awer, wéi esou dacks, am Detail. An hei wëll ech och op e puer Remarke agoen, déi am Laf och vun eiser parlamentarescher Aarbecht diskutéiert goufen.

Och wa mir als CSV d'Schafung vum Poste vum Kommissär begreifen, sou bleiwen awer grad bei deem Kommissär e puer Froen op respektiv imposéiere sech eng Partie vu Remarke. Den Text geet net drop an, wéi eng Formatioun dass de Kommissär muss hunn. Et gëtt just festgehale, dass hie vum Regierungsrout op eng gemeinsam Propos hi vum Santé- a Konsumenteschutzministère muss nominéiert ginn.

Et muss ee wëssen, dass am März 2007 den Organisme pour la sécurité et la qualité de la chaîne alimentaire, den OSQCA, gegrënnt gouv. Et war den Ufank vun engem institutionellen Organ fir Liewensméttelsécherheet an e gouv an d'Liewe geruff vun dem haitege Chamberpräsident, deemolege Santéminister, an der deemoleger Landwirtschaftsministesch Octavie Modert.

Abee, deem OSQCA, deem huet eng ganz Rei vun Aufgaben am Beräich vun der Liewensméttelsécherheet. Do muss ech elo soen: „hat“, well den OSQCA gëtt elo mam Kommissär iwwerflësseg, sou wéi och d'Madamm Hemmen dat gesot huet, a wann dese Projet bis duerch ass, da gëtt den OSQCA per Règlement grand-ducal ofgeschafft.

Den OSQCA ass notament zoustänneg fir de ganze Contrôle pluriannuel, hien ass de Kontakt fir de Système d'alerte rapide vu Fuderméttel fir d'Dieren, en ass verantwortlech fir de Plan de gestion de crise, en ass zoustänneg fir déi ganz Kommunikatioun am Domän vun der Liewensméttelsécherheet, fir d'Realisatioun an och fir d'Evaluatioun vun Auditen a fir eng ganz Retsch vun anere Missiounen.

Déi aktuell Regierung huet dese Projet vun der viregter Regierung geierft an huet en Audit maache gelooss, fir d'Schwächen vum aktuelle Kontrollsystem erauszefannen. Doropshi sinn eng ganz Partie vun Amendementen deposéiert ginn. Enner anere kouw dobäi eraus, dass eng eenzeg Instanz sollt geschafft gi fir d'Kontroll, d'Qualitéit an d'Sécherheet vun de Liewensméttel. A genee do setzen dann och d'Kritiken an d'Befierchtungen vun der Chambre des Métiers an der Chambre de Commerce un. Si sinn näamlech der Meinung, dass am Fong geholl hei verpasst ginn ass, eng richtig Refonte vum Kontrollsystem ze maachen, andeems een de virleiende Gesetzesprojet zrëckgezunn hätt an e komplett neie Projet ausgeschafft an och deposéiert hätt.

De gréisste Kritikpunkt souwuel vun de Beruffskommere wéi och vum Statsrot ass am Fong déi Multitude vun den zoustännegen Ministere, deenen den neie Kommissär wäert ennerstoen. Den neie Kommissär gëtt näamlech keng komplett autonom Entitéit, déi integral verantwortlech wier fir den Domän vun der Sécurité alimentaire an deementspreechend och géif iwwert

déi noutwendeg Befugnisse verfügen, fir hiren Aufgabe kennen nozekommen. A genee dat war och schonn de Problem vum dem OSQCA. An et ass d'Ursaach, firwat den OSQCA ni dee Poids hat, deen en am Fong geholl hätt misse hunn.

Et muss ee sech bewusst sinn, dass desen Text eng immens grouss Envergnue huet, well hie sech op all Etappe vun der Produktioun, der Verarbeitendung an der Distributioun vun den Denrées alimentaires applizéiert gradesou wéi och op all Objete a Materialien, déi domadder a Kontakt kommen. An deem ganze Responsabilitéitsdschungel verléiert een natierlech éischer den Iwwerbléck, wann ze vill Administratiounen a Services intervenéieren. Heiriwwer hu mer och relativ laang an der Kommissioun diskutéiert.

Kloer, hei ass viles historesch gewuess an et ass schwéier opzebriechen. An trotzdem musse mer eis bewusst sinn, dass dës elo de Moment gewiescht wier, fir et ze maachen. D'Chambre des Métiers huet an hirem Avis complémentaires och ausdrécklech drop higewisen, dass dës eng Fuerderung an e Wunsch vum Terrain gewiescht wier.

D'Chambre des Métiers mécht dann och nach op ee Punkt opmierksam, deen een effektiv am A behale muss, wéi et och vun der Madamm Hemmen scho gesot gouv: Et gëtt jo d'Transparenz vun de Kontrollresultater verbessert. Dës Resultater ginn och public gemaach mam Zweck, de Konsument ze informéieren, wat och richtig a wichtig ass. D'Chambre des Métiers ass och net géint dës System. Mä si weist awer drop hin, dass, sollten déi Resultater einfach blann public gemaach ginn, se scho quasi wéi eng Sanktioun wirken, och wann et sech eventuell just ëm e minimale Verstouss handelt.

Fir dass d'Kontrollen effektiv de gewünschte positiven Effekt mat sech bréngen, plädéiert d'Chambre des Métiers derfir, dass d'Kontrollen unhand vun enger standardiséierter Checklécht, déi och fir d'Entreprises transparent an zougänglech ass, duerchgefouert ginn. Donieft soll eng gemeinsam - dat ass ganz wichtig - Methodologie fir déi verschiddenen Agente festgehale ginn. An d'Agente brauchen och eng adequat Formatioun fir déi Aufgab, dës, fir ganz einfach sécherstellen, dass allegueren d'Betriber gläichbehandelt ginn.

Fir d'Chambre des Métiers ass de Pouvoir décisionnel vum Kommissär net ganz kloer. De Kommissär muss jo e komplette Kontrollsystem organiséieren an harmoniséieren, jongléieren tëschent verschiddenen Entitéiten, déi véier verschiddene Ministere ennerstinn: d'Douane, d'Police, d'Direktioun vun der Santé, d'Veterinärinspektioun an d'ASTA. Do ass dann d'Fro erlaabt, wien dann zum Schluss d'Verantwortung dréit.

D'Chambre de Commerce ass an hirem Avis nach op ee Punkt agangen, dee mir net onwesentlech erschénkt, an zwar deen, dass desen Text sech och applizéiert fir «matériaux et objets destinés à entrer en contact avec des denrées alimentaires». Hei weisen déi Responsable vun der Chambre de Commerce zu Recht drop hin, dass et sech virun allem ëm d'Transportbehälter an ëm d'Maschine fir d'Verarbeitung vu Liewensméttel handelt an desen Industriesektor enner eng aner Reglementatioun fällt wéi d'Liewensméttelsécherheet. Domadder kéint den Text wäitreechend Konsequenzen hunn, déi vläicht net onbedéngt am Virfeld beduecht goufen an déi net onbedéngt am Sënn vum Législateur kéinte sinn.

Eng Remark, déi och am Rapport gemaach gouv an déi ech deelen, ass de Risiko vum Verkauf vu Liewensméttel am Internet. Hei kennen d'Leit egal wat bestellen. D'Kontroll an deem Domän ass natierlech vill méi schwéier. A fir dat nëmme kennen usazweis e bësselchen ze maachen, brauch ee vill, vill méi Ressourcen.

Wann een eemol kuckt, wat een alles kann iwwer Internet bestellen, kann ee sech just nach wonneren. All déi Liewensméttel, déi am Internet un e Konsument zu Lëtzebuerg verkauft ginn, falen näamlech och ënnert dës neit Gesetz, och wann d'Kontroll, wéi gesot, extrem schwéier wäert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, trotz desen e puer méi kriteschen Téin zu Punkten, déi mer wierklech am A solle behalen, wäert d'CSV dese Projet matdroen, an ech ginn och heimadder den Accord vu menger Fraktioun.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An nächste Riedner ass den Här Gusty Graas.

► **M. Gusty Graas (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Ernährung spillt ouni Zweifel eng wesentlech Roll de Moment am Liewe vun engem Mënsch. Mir wëssen alleguer, zu wat et féiert, wann ee sech net gutt

ernährt, wann ee sech falsch ernährt: Iwwergewicht, Kriibs an aner Krankheete kennen d'Konsequenz sinn. An et ass och e Fakt, dass u sech fréier d'Leit vill méi vun hirem Akommes investéiert hunn an d'Ernährung, wéi dat haut de Fall ass. Statistike schwätzen dervun, dass dat maximal 15% sinn. Haut gëtt och net onbedéngt gekacht, well een dat onbedéngt misst maachen, mä éischer als Hobby oder wann ee Leit invitéiert. Mä vill méi gëtt sech an de Restaurant deplacéiert, et gi Fäerdegprodukter konsuméiert. Geméis an Uebst aus dem eegene Gaart sinn ëmmer méi eng Raritéit ginn, an dann ass et normal, dass ee sech natierlech och Fro stellt iwwert dat, wat ee konsuméiert: Wou kënnt et hier? Wéi ass et produzéiert ginn a wéi gesond ass et?

Leider hunn natierlech och eng Rei vu Liewensméttelskandalen an deene leschte Jorzenkten dozou bäigedroen, dass de Konsument ëmmer méi kritesch ginn ass - an zu Recht - vis-à-vis vun deem, wat en oft virgesat kritt. Ech wëll nëmme erënneren un d'BSE-Kris, d'Maul- a Klauenseuch, d'Listerios, Fipronil oder mat Dioxin vergëft Geflügel. Dat sinn u sech Synonymmer, déi fir ganz grav Liewensméttelskandalen stinn.

An d'Fraude alimentaire hält leider och op deem Niveau zou. Eng eenheetlech Definitioun vu Fraude alimentaire gëtt et zwar de Moment nach net um europäeschen Niveau. Mä et ass awer wichtig, dass mer eis och deem Aspekt vill méi zouwenden. An der Zukunft sinn et virun allem och méi planzelech Produkter, déi do ëmmer erëm drënner ze leiden hunn. Ech denken un Olivenuech, Wäin oder Téi, mä och leider Bioprodukter sinn an der Lescht net méi verschount bliwwen vun der Fraude alimentaire.

Et muss een och ganz éierlech soen, dass mer hei zu Lëtzebuerg net ëmmer alles am grénge Beräich kënne gesinn. Et ginn eenzel Restaurants an och aner Liewensméttelproduzenten, déi net onbedéngt ëmmer déi noutwendeg Oplage respektéieren.

D'Diskussioun ëm d'Liewensméttelsécherheet ass jo och net nei hei zu Lëtzebuerg. Ech wëll och drun erënneren, dass mer am Juni 2000 hei an der Chamber schonn e gréisseren Debat och doriwwer haten. Deemools goufe scho Propositione souwuel vum Gesondheitsminister wéi och vum Landwirtschaftsminister gemaach.

Duerfir ass et awer elo ëmsou méi begreiffenswäert, dass haut endlech eppes op deem Niveau och geschitt, well et dierf ee jo net vergiessen, dass mer mat eiser Legislatioun net onbedéngt konform zu den europäesche Reglementatiounen sinn. Dat ass och schonn um Niveau vun EU-Audite festgestallt ginn. An de Bréif, deen d'Europäesch Unioun scho fäerdeg geschrifwen huet, dee läit zwar op der Post, mä den Timber ass nach net drop. Mä et hätt net allze laang gedauert, bis dat en och ofgeschéckt gi wär, wa mer eben, wéi gesot, net haut géife legiferéieren. Et kann een also soen: Et ass fënneg vir zwielef.

An dann och dee rezenten Audit, deen hei schonn e puermol ernimmt ginn ass, vun de Gesellschaften AgileMaker a LogikaSoft, deen huet jo och festgestallt engersäits dass zwar eng ganz engagéiert Aarbecht vun de Leit um Terrain géif gemaach ginn, fir eben all deene Problemer entgéintzegoen, mä op där anerer Säit huet en awer zrëckbehalen, dass et wichtig wär, dass een déi ganz Kompetenz géif méi bündelen an dass u sech och dat, wat am Regierungsprogramm stoung, esou séier wéi méiglech ëmgasat misst ginn.

Zwou Piste goufen opgezeechent, engersäits déi vun enger selbstständeger Verwaltung, anersäits dann awer och déi, dass ee misst wéi gesot eng verbessert Koordinatioun ustriewen.

Ech wëll och hei ennersträichen, dass et awer positiv ass, dass deen Audit och public gemaach ginn ass, wat jo awer och eng dach grouss Transparenz dee Moment bedeit.

Haut schafe mer den OSQCA, an et ass och hei schonn ennerstrach ginn, of an dee gëtt ersat duerch de Kommissär. Dat ass u sech ee vun den Hauptkärpunkte vun deem Gesetz. Ech mengen, dee Kommissariat kritt ouni Zweifel eng ganz wichtig Bedeitung, eng grouss Verantwortung. Et gëtt sech och vun där Funktioun natierlech elo viles an der Zukunft erhofft.

Mir wëssen, dass dat eng Persoun muss sinn, déi gewësse Kompetenzen huet, déi engersäits eng Fachausbildung mat muss bréngen, op där anerer Säit awer och d'Sensibilitéit muss hunn, fir Leit ze féieren, fir awer och virun allem eng Koordinatioun kennen unzestriewen. An och wichtig ass et, dass déi vill Informatiounen dee Moment kennen ennerst d'Responsabilitéit gesi ginn an dass och zum Beispill, wat rapid Alerten ubelaangt, ganz gutt reagiert ka ginn.

Op där anerer Säit dierf een natierlech net vergiessen, dass dat hei eng ganz wichteg Erausforderung ass, mä mir riskéieren natierlech och gegebenenfalls, e bëssen an e Vide eranzekommen. Et ass och meng Fro un d'Madamm Ministesch. Mir schafe jo mat deem Gesetz hei den OSQCA of. Dat heescht net, dass mer dee Kommissär schonn en place ass. Et kann een also nëmme hoffen, dass déi Iwwergangszäit awer och deementspreechend elo net zu neie Problemer wäert féieren.

Nei an deem Gesetz ass jo och, dass elo Taxen agefouert ginn ab där zweeter Kontroll. Och do muss een awer vläicht e bësselchen déi Angscht, déi elo vun dem Secteur, besonnesch vun där enger oder där anerer Chambre professionnelle, geäussert ginn ass, relativéieren. Wéi gesot, et handelt sech virun allem drëm, wann eng zweet Kontroll gemaach gëtt. Wann ee schonn eng Kontroll gemaach kritt huet a sech do erausgestallt huet, dass een net all Kritären erfëllt huet, mengen ech, dann huet een net onbedéngt d'Recht, och nach drop ze pochen, dass een net onbedéngt dierf dann nach doduerch vun enger Tax entbonne ginn (veuillez lire: drop ze pochen, dass een dann nach vun enger Tax entbonne gëtt).

Et dierf ee jo och net vergiessen, dass déi, déi Geld mat Liewensméttel verdéngen, awer enger ganz grousser Verantwortung ausgesat ginn. A mir sinn och an där glécklecher Situation an deem Land, dass déi meescht dat och ganz eescht huelen.

En anere wichtige Aspekt vun deem Gesetz ass natierlech de Verkauf vu Liewensméttel iwwer Internet. Och dat ass näischt Neits. Mir wëssen, dass de Verkauf iwwer Internet ëmmer méi u Bedeitung gewënnt. Dat gëllt éischer fir aner Produkter, mä dass et och elo um Niveau vun de Liewensméttel ass, dass muss eis natierlech och interpelléieren. An duerfir ass et och wichtig, dass mer iwwert deen heite Wee awer Mesur virgesinn, fir dat och besser an Zukunft kennen ze kontrolléieren.

Wa mer natierlech scho bei der Kontrolle sinn, da muss een e Wuert doriwwer verléieren, ouni Zweifel. Wat bréngt déi beschte legal Basis, wann net herno um Terrain dann effikass Kontrolle garantéiert sinn? Dat wëllt elo net heeschen, dass all Restaurant an all Produzent vu Liewensméttel soll kujeniéiert ginn. Mä op där anerer Säit muss een awer wëssen, dass de Konsument och d'Urecht huet, fir dass awer ëmmer regelméisseg Kontrolle gemaach ginn.

Mir wëssen, dass et do eng Rei vu Schwaachstellen nach ginn. Mir mussen et awer fäerdegbréngen, den Equiliber hierstellen tëschent engersäits effikass Kontrollen an anersäits awer och, wéi gesot, de betroffene Sektor net mat ze vill Oplagen ze ploen. Et ka jo net sinn, dass e Betrib moies vun deem enge kontrolléiert gëtt a mëttes erëm vun engem aneren. Dat ass mat Sécherheet keen einfachen Exercice. Dat ass eng grouss Erausforderung, wou ech allerdéngs der Meinung sinn, dass mer mat deem Text do awer scho wäerten eng gutt Léisung kënne fannen.

Ech wëll dann och zum Beispill op den Artikel 13 vun deem Gesetz hiweisen, wou et ëm urgent Mesur geet, dass och d'Police a vereedegt Beamten ebe bei engem gewëssene Verdacht d'Recht hunn, Recherchen ze maachen. Dat ass eng Moossnam, déi och a villen anere Gesetzter virgesinn ass, an ech mengen, déi een och kann ouni Zweifel hei matdroen.

Da soll een och nach op den Import vu Liewensméttel aus Drëttlänner hiweisen. Mir wëssen, dass et jo awer op der Welt leider eng Rei Regione ginn, wou vläicht net déi Kritären zrëckbehalen gi wéi hei bei eis. Dowéinst ass et also och wichtig, dass do Kontrolle gemaach ginn. Am Artikel 8 ass do zum Beispill virgesinn, enner Punkt 3, dass e Règlement grand-ducal kéint ausgeschafft ginn, wat den Import aus Drëttlänner ubelaangt. Ech sinn allerdéngs éischer der Meinung, mir sollen dat „kéint“ ersetzen duerch „muss“, dass soll e Règlement grand-ducal festgehale ginn, well, wéi gesot, dat awer ëmmer eng gewësse Gefor duerstelle kann, wa Liewensméttel aus spezifesch Länner kommen, wou ee vu virera weess, dass déi hygiesch Konditiounen net ëmmer esou respektéiert ginn, wéi dat misst sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass jo virun allem ee Punkt, deen zu ganz villen Diskussiounen gefouert huet, an dat ass jo de Mëtteg scho vu menge Virriednerinnen ugeklungen, an zwar dee vun der Kompetenzbindung. De Moment si jo eng ganz Rei Verwaltungen, déi Kompetenzen hunn. An hei soll een och vläicht effektiv eng Kéier op den Avis vun der Chambre des Métiers hiweisen, déi et



relativ gutt op de Punkt bruecht huet an hirem Avis complémentaire, déi eng Harmonisatioun vum Kontrollsystem gefuerdert huet, andeem eng eenzeg Autoritéit géif geschafe ginn.

Mir hunn de Moment natierlech eng Rei Haaptakteuren. Ech wëll der nëmmen e puer hei nennen: d'ASTA, d'Veterinärverwaltung, d'Police, d'Douane, d'Direktioun vun der Santé oder den IVV. 2014 goufen iwwregens 21 verschidde Kontrollsystemer festgestallt. Och déi Zuel seet eppes aus. Natierlech, vum reng theoretesche Standpunkt hier wär et net méi wéi ubruecht, datt ee géif eng Bündelung vun all deene Kompetenze virgesinn. Mä et dierf een awer och net vergiessen, munches ass historesch gewuess a vun engem Moment op deen anere kann een och net ëmmer alles änneren.

Souwuel de Gesondheets- wéi awer och de Landwirtschaftsminister, dat wëll ech hei emol nach eng kéier betounen, hunn natierlech wichteg Aufgaben an hirem Secteur ze erfëllen.

Ech wëll och am Numm vun der Demokratescher Partei hei soen, datt de Projet de loi, dee mer haut hei diskutéieren, mat Sécherheet net onbedéngt dat perfekt Gesetz ass. Mä Gesetzestexter ginn net geschriwwen fir d'Éiwegkeet. D'Gesetzestexter sinn do, fir ëmmer erëm ugepasst ze ginn, fir ze kucken: Wou kënnen mer nobesseren? An dat wäert mat Sécherheet och fir deen heite Gesetzestext gëllen.

Et dierf een natierlech och net vergiessen, datt mer eis awer och um Niveau vun enger Legislatioun bewegen, déi dach schonn eng Rei vu Joren um Bockel huet. Dat geet bis op 1953 zrëck. Duerfir ass et och gutt, datt mer haut dee Schrëtt hei maachen. Mä et dierf een awer och net vergiessen, datt schonn ab 2019, wann dat neit EU-Reglement 2017/625 wäert a Kraaft treden, dann diesen Text spéitstens erëm eng kéier op de Leescht geholl muss ginn.

Nichtsdestotrotz nach eng kéier: Dat hei ass e wesentlechen Text, et ass e Baustein an déi richteg Richtung, deen natierlech och net eleng kann dosto. Et muss een do deen och e bëssen a méi engem gréisseren Kontext gesinn. Ech denken do zum Beispill un de Projet de loi 7273, also de Projet de loi relatif aux contrôles officiels des produits agricoles, deen de Landwirtschaftsminister Fernand Etgen de leschten 28. März hei deposéiert huet a mat deem also gemeinsam eng méi konsolidéiert Richtung unviséiert ka ginn.

Ech mengen och, datt heimat déi zwee Ministeren e gewëssenen Optrag kréien, also, wéi gesot, engersäits de Santéminister oder d'Santésministerin an de Landwirtschaftsminister, fir och physisch ze versichen, gewësse Verwaltungen ze regruppéieren. An do ass jo awer och schonn eng éischt positiv Initiativ ze gesinn, an zwar solle jo dann d'Veterinärverwaltung an de Service SECUALIM vun der Santékdirektioun nach viru September, wa meng Informatiounen richteg sinn, zu Stroossen e gemeinsam Lokal kréien, wat jo schonn eng gutt Initiativ ass, déi sech dann och an déi richteg Richtung entweckelt.

Da wëll ech och op déi bestoend Datebasen hiweisen, wou et och wichteg ass, datt déi gemeinsam analyséiert ginn, datt een och herno eng gemeinsam Base de données kann entweckelen, wat eis och géif erlaben, bei gewësene Skandalen och méi schnell eng Traçabilitéit kënnen feststellen. Dat géif och de Betriber et op eng Manéier méi einfach maachen, wa se och genee wëssen, wéini, wou se kontrolléiert gi sinn a wat nach ëmmer u sech virgesinn ass, fir zousätzlech Kontrollen ze maachen. Ech mengen, et wär och wat den Historique vun engem Betriber ubelaangt vu Virdeel, wann een dat alles méi gemeinsam kéint analyséieren.

Natierlech muss ee sech och bewosst sinn, an och hei soll ee realistesch sinn: Esou Initiative kënnen natierlech och net vun haut op muer realiséiert ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass evident, datt de Konsument haut e Recht huet, ech géif scho soen e verbréift Recht huet, fir genee informéiert ze ginn iwwert dat, wat e konsuméiert. Duerfir ass déi sougenannten „Hygièneampel“ oder de Smileyssystem eng gutt Initiativ, déi de Moment zwar nëmmen fakultative Charakter huet. Et ass alleréngs wichteg, datt och vläicht awer do esou séier wéi méiglech eng kéier e Règlement grand-ducal geholl gëtt, fir dann eben och, wéi gesot, Punkte wéi Recoursméiglechkeeten oder d'Reaktivitéit vusäite vun de Kontrollorganer festzehalen.

Datt eng Testphas virgesinn ass, ass jiddefalls eng ganz gutt Iddi. Mä mir bleiwen nach wie

vor der Meenung, datt dat an enger spéiderer Phas awer soll obligatoresch erkläert ginn. Wéi gesot, de Wee, deen awer hei ageschloe gëtt, ass ouni Zweifel dee richtegen, well d'Gewënnner sinn am Endeffekt am Fong geholl souwuel de Konsument wéi och déi zoustänneg Betriber.

Ech wëll awer och drop hiweisen, datt jo awer an deene leschte Méint vill Gespréicher och mat deenen zoustännegen Akteure gefouert goufen, wat och wichteg ass. Et kann een net vun uewen erof eppes dekretéieren. Hei waren awer vill Gespréicher mat der Horeca, mat de Chambres professionnelles, mat de Verbänn, mam Geoportail an de Verwaltungen, wat och ouni Zweifel ganz noutwendeg war.

Et dierf een net vergiessen, datt et esou Systemer och schonn de Moment an aacht Länner ginn, wéi gesot de sougenannte Smileyssystem, ënner anerem och an eisen Nopeschlänner Belsch a Frankräich. An do kënnen mer jo dann och vun deenen Erfahrungsgeprofitéieren.

Natierlech dierf awer och esou e System net mëssbraucht ginn. Mir wësse jo awer och, wat den Impakt vun esou Bewäertungen ass. A jiddweree vun eis, deen iwwer Internet seng Vakanz bucht oder e Fluch bucht, dee weess, datt een iwwer booking.com oder iwwer TripAdvisor sech do awer oft referéiert op Referenzen, an déi kënnen awer meeschtens entscheedend si fir dee Choix, deen een trëfft. Wéi gesot, och dat hei ass eppes, wat ouni Zweifel net ze ënnerschätzen ass.

Jiddefalls, déi Beräicher vun der Sécherheet a vun der Qualitéit vu Liewensmëttel si méi wéi sécher just an hirem gesamten Zyklus ze gesinn, zum Beispill „de la fourche à la fourchette“ oder „de l'étable à la table“. An dowéinst dierf een de 6614 hei och net lassgelleist vun dem Projet de loi 7273 gesinn, op deen ech scho kuerz agaange war, wou mer och hoffen, datt deen esou séier wéi méiglech och eng kéier zum Vott hei an der Chamber wäert kommen.

Jiddefalls zesumme wäerten déi Texter derfir suergen, datt insgesamt de Kontrollsystem vun de Liewensmëttel hei zu Lëtzebuerg nach wäert verbessert ginn. An deem Sënn, wéi gesot, steet d'Demokratesch Partei zu där Decisioun hei an zu deem Gesetz hei.

Ech wëll vläicht eng lescht Remark nach maachen, wat den Avis vun der Agrarkommissioun ubelaangt, déi mer jo och net onbekannt ass. Virdrun ass hei gesot ginn, datt den Agrarminister do keng Roll ze spillen hätt. Dat gesinn ech e bësse méi relativéiert. Et dierf een awer net vergiessen, datt den Agrarminister an där ganzer Problematik hei trotzdem awer gefuerdert ass.

An trotzdem war eben och eis Iwwerleeung, fir datt een dem Agrarminister och sollt an Zukunft e gewëssent Matsproocherecht ginn, wann et ëm d'Nominatioun vun dem Kommissär geet, och wann d'Madamm Hemmen hei richteg gesot huet - där ech och nach Merci soe fir hir verschidde Rapporten -, datt dat um legislativ Plang vläicht net direkt esou virgesinn ass. Mä ech mengen awer trotzdem, mir sollen net verkennen,...

(*Interruption par la présidence*)

...datt de Landwirtschaftsminister awer hei iwwert d'Veterinärspektioun an och iwwer aner Kanäl eng wichteg Roll ze spillen huet. E soll also och bei der Nominatioun vun dem Kommissär awer kënnen e gewëssent Wuert matsoen.

An deem Sënn, wéi gesot, bréngen ech awer den Accord vun der Demokratescher Partei a soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

(*Consultation interne*)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Neen, neen, neen, ech wollt just, dass Dir net gestéiert gitt.

Déi nächst Riednerin ass d'Madamm Josée Lorsché.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eis Liewensmëttelketten ass haut méi laang a méi komplex wéi jee. A well vill lesswueren industriell hiergestallt ginn, verschwannen net nëmmen eng ganz Rei landwirtschaftlech Betriber, Metzereien a Bäckereien, mä och d'Diversitéit vun eise Liewensmëttel.

Parallèll dozou klëmmt d'Gefor fir d'Gesondheet, well et regelméisseg virkënn, datt géfteg Chemikalien oder Mikroorganisme sech an der Liewensmëttelketten usidelen a vill Mënsche krank maachen. D'Erfahrungen aus de leschte Joréngten hunn et gewisen: D'Verseuchung aus enger eenzeger Quell oder een eenzege Feeler an der Kontroll vun der ganzer Kette kënnen erhiefflech, dramatesch Konsequenzen hunn op d'Gesondheet a féiere meeschtens och zu grouse wirtschaftleche Perten.

Beispiller ginn et der genuch. Ech hunn eng kleng Recherche gemaach. Tëschent de Joren 1981 an 2018 goufen et ganzer 19 Liewensmëttelskandalen gréisserer Natur, meeschtens mat fatale Konsequenzen op d'Gesondheet an op d'Wirtschaft: ugefaangen am Joer 1981, wou Anilin am Rapsuech zum Doud vun 1.200 Mënsche gefouert huet; de BSE-Skandal, deen zrëckgeet op 1997 a schätzungsweis 200 Mënschen um Gewëssen huet; de Fungizid-skandal, wou d'Coca-Cola mat Fungizid belascht war 1999 a wou eleng zu Lëtzebuerg 90 Milliounen Liter Cola hu missen entsuergt ginn; de Skandal mat verseuchte Bockshornkléissprossen am Joer 2011, deen a ganzer 16 Länner zu der geféierlecher EHEC-Infektioun gefouert huet mat iwwer 4.000 Kranken, vun deenen der 55 gestuerwe sinn; de Gammeffleeschskandal, wou 21 brasilianesch Firme verduewent Fleesch ënner anerem och an Europa exportéiert hunn; dat dubiéist Päerdsfleesch an der Lasagne; de Fipronil an den Eeër an esou weider an esou fort.

(*Mme Simone Beissel prend la présidence.*)

Ofgesi vum grouse mënschleche Leed louchen d'Verloschter fir d'Landwirtschaft a fir d'Liewensmëttelindustrie eleng beim Bockshornkléiskandal laut der WHO bei geschätzten 1,20 Milliarden Euro.

Dir Dammen an Dir Hären, fir esou Katastrophen ze verhënnern an d'Konsumente besser ze schützen, muss d'Politik natierlech hir Verantwortung iwwerhuelen. An et ass jo och duerfir, firwat mir dëse Projet de loi haut stëmmen an eis un déi europäesch Normen upassen. Et geet jo dorës, d'Systemer an d'Strukturen ze verbesseren am Hibleck op eng komplett Garantie - wann et déi dann iwwerhaapt sollt ginn.

Wichteg ass dobäi d'Zesummenaarbecht tëscht alle Beräicher vun der effentlecher Gesondheet, der Déieregesondheet, der Landwirtschaft an esou weider, net just zu Lëtzebuerg, mä generell an der ganzer EU a weltwäit. Fir deem Rechnung ze droen, huet déi Europäesch Kommissioun de gesamte legislative Prozess virun enger gudder Zäit erneiert an nei Kontrollmechanisme geschaaft, ënner anerem mat der Direktiv, där mir eis haut jo och endlech upassen a se respektéieren.

An Europa an och zu Lëtzebuerg gëllt de Prinzip „vum Produzent bis zum Verbraucher“, dat heescht, datt d'Liewensmëttelsécherheet fir den Endkonsument nëmmen garantiéiert ka ginn, wann d'Kontroll keng Faillë zouléisst. Dat heescht, et muss ee konsequent sécherstellen, datt net nëmmen d'Endprodukt, also dat, wat um Teller lant, propper a genfäi muss sinn, an awer och géiffräi - genfäi ass eise Wunsch -, mä doriwwer eraus och d'Matières premières, mat deenen d'lesswueren hiergestallt ginn.

An och wann d'Fuddermëttel fir d'Déieren der Definitioun no net zu den Denrées alimentaires gehéieren, sou ass et awer wichteg ze betounen, datt d'Fuddermëttel e groussen Afloss op d'Gesondheet vun den Déieren hunn. Dat mécht natierlech, Dir Dammen an Dir Hären, datt d'Fuddermëttel och en Impakt op d'Qualitéit vum Fleesch hunn, wat op eisen Tellere lant.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Net anescht ass et bei de Planzen, déi d'Déiere friessen an der fräier Natur, déi mat Schuedstoffer belascht sinn, oder besser net.

Dir Dammen an Dir Hären, wat d'Liewensmëttelketten als solch ugeet, hu mir zu Lëtzebuerg schonn eng Rei Instrumenter a Kontrollmechanismen, fir d'Sécherheet natierlech beschtméiglech ze assuréieren. A mam Projet de loi, dee mer haut stëmmen, kommen der eng Rei derbäi. D'Madamm Hemmen ass an hirem Rapport op d'Detailer agaangen. Duerfir lech villmools Merci, Madamm Rapportrice.

Éischens geet et kuerz gesot ëm d'Missionen, déi jo um Plang vun der Liewensmëttelsécherheet müssen erfüllt ginn an déi noutwendeg sinn. Déi wäerten duerch e Commissaire du Gouvernement assuréiert ginn a besser koordinéiert ginn. Laut dem Projet de loi soll dee Kommissär d'Aufgabe vun dem OSQCA iwwerhuelen, dat ass scho gesot ginn, a gëtt deemno verantwortlech fir d'Koordinatioun vun der Kontroll a fir d'Qualitéit vum gesamte System, deen eist Land ze geréieren huet.

Zweetens gëtt jo och en effikasse Strofekatalog agefouert, dee viru Mëssbrauch an Tricksereien ofschrecke soll a streng Strofe fir den Net-respekt vun de Standarde virgesäit.

An drëtzens soll méi Transparenz an de System kommen, fir datt d'Konsumente Vertrauen an eis Kontrollmechanismen opbauen a wëssen, datt se och effektiv realiséiert ginn. An deem Sënn ass et positiv, datt d'Resultater vun de Kontrollen an Zukunft an enger fräi zougänglecher Datebank verëffentlecht ginn.

Alles dat si wichteg Schrëtt an eng gutt Richtung. Fir eis als Gréng ass et awer kloer, datt weider Efforte mussen gemaach ginn, Dir Dammen an Dir Hären, fir eis Liewensmëttel definitiv vu Schuedstoffer ze befreien. Och wann net all Belaaschtung zu engem Skandal féiert, sou huet se awer en Impakt op déi mënschlech Gesondheet, ëmsou méi, wa verschidde Belaaschtungen sech kumuléieren.

An deem Kontext spillt d'Politik vun der Europäescher Kommissioun keng onwesentlech Roll. An Zäite vu globaliséierter Liewensmëttelproduktioun, an där d'Chaîne alimentaire keng Landesgrenze méi kennt an ëmmer méi komplex gëtt, steet déi Europäesch Unioun virun ëmmer méi groussen Erausforderungen. Déi héich industrialiséiert Liewensmëttelproduktioun schaaft schliisslech net nëmmen Risike fir eis Gesondheet, mä och fir eis Ëmwelt, fir d'Déierewuel a fir d'Klima. Déi vill Skandalen spriche Bänn.

Wa mir wëllen, datt d'Liewensmëttelkontroll, mä de ganze System och vun der Liewensmëttelsécherheet an Zukunft net just aus Symptombekämpfung besteet, da muss d'Europäesch Unioun de Problem un der Wuerzel upaken, an do sinn och mir gefuerdert. Mir mussen bei der Liewensmëttelproduktioun ëmsteieren. Eng wichteg Konditioun ass dobäi fir déi gréng déi, datt d'Landwirtschaft an den Naturschutz méi no beienee réckelen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - D'Zil muss et sinn, eng villfälteg Landwirtschaft opzebauen, déi ouni Géft, ouni Gentechnik an ouni Antibiotiken an der Héngerhaltung gesond lesse fir jiddweree ka produzéieren. D'Zil muss et och sinn, eng Landwirtschaft opzebauen, an där d'Leeschtung vun de Bauere gewierdegt gëtt a mat där genuch verdéngt ka ginn, fir mënschewierdege ze liewen.

Dat ass eng Landwirtschaft, Dir Dammen an Dir Hären, déi net fir de Weltmarkt, mä fir de Wochemaart produzéiert an d'Populatioun mat gesonden a bezuelbare Liewensmëttel ka versueren.

► **Une voix.** - Très bien!

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Et ass eng Landwirtschaft, déi eiser Ëmwelt notzt, amplat hir ze schueden, an déi d'Déierewuel respektéiert. An anere Wierder, déi Europäesch Unioun muss et fäerdegrëngen, eng Landwirtschaftspolitik opzebauen, déi fir Entwécklungschancë suert a verhënnert, datt d'Klengbauere mat héich subventionéierten Agrarfabricke konkurréieren müssen.

Madamm Presidentin, op europäeschem Niveau gëtt momentan iwwert d'Neiausrichtung vun der GAP, der Gemeinsamer Agrarpolitik, diskutéiert. Besonnesch Lëtzebuerg mat senge klenge Betriber huet an där Fro vill ze gewinnen. An et ass och duerfir, firwat ech dovu schwätzen. Lëtzebuerg huet vill ze gewinnen am Fall, wou d'Gelder vun der GAP esou ëmverdeelt ginn, datt et ebe grad déi kleng landwirtschaftlech Betriber sinn, déi méi staark subventionéiert ginn, wa se gesond Liewensmëttel am Respekt vun Ëmwelt an Déier produzéieren.

Doriwwer eraus geet et op europäeschem Niveau och ëm d'Zouloossungsprozeduren. Och déi leien eis um Härz. Déi lescht Wochen, Méint a Joren hunn op en Neits gewisen, datt dës Prozedur fir Chemikalien a Pestizide grav Lacunen opweisen. D'Diskussioun ronderëm d'Zouloossung vum Glyphosat-Herbizid war an deem Sënn ganz opschlussräich. Am Zentrum vun deem System steet déi Europäesch Agence fir Liewensmëttelsécherheet, d'EFSA, d'European Food Safety Authority. Bei der Bewäertung vum Glyphosat huet dës Agence sech virun allem op Étude vun der Industrie baséiert, déi net effentlech zougänglech sinn. Dowéinst bestinn eeschtaft Zweifel, ob d'Bewäertung vum Glyphosat neutral an industrieonofhängeg war an ob se den héchste wëssenschaftleche Standarden entsprach huet.

Zweifelos kann een awer soen, datt de Mangel un Transparenz an der Bewäertungsprozedur vum Glyphosat zu engem schwéiere Vertrauensverloscht an der Bevëlkerung gefouert huet. Als Konsequenz dovun huet déi gréng Fraktioun vum Europaparlament eng Plainte virum Europäesche Gerichtshaff deposéiert, mam Zil, d'Publikatioun vun all den Étuden duerchzesetzen, déi fir d'Bewäertung vum Glyphosat konsultéiert gi sinn.

Fir eis ass et op alle Fall kloer, datt d'Zouloossungsprozedur vu Stoffer, déi potenziell grav Konsequenzen op eis Gesondheet an op eis Natur kënnen hunn, absolutt transparent muss ginn an den héchste wëssenschaftleche Standarde muss entspriechen.

Eis Konkursioun ass deemno folgend: Et geet net duer, Transparenz ze schafen um Niveau vun de Kontrollmechanismen a vun de kontrol-



léierte Wueren. Transparenz muss schonn an engem Virstadium ufänken, am Virstadium vun der eigentlecher Liewensmëttelketten, an zwar do, wou et drëms geet, den Asaz vu geféierleche Chemikalien an der Agrikultur ze verhënnere.

Enk domat verbonnen ass de Volet vum Etiquetage, deem d'Konsumente kloer an detailléiert muss informéieren, wéi eng Substanzen an engem Liewensmëttel sinn, an net just iwwert déi, déi net dra sinn. Dëst ass eng wichteg Aufgab am Niveau vun der Europäescher Kommissioun an och zum Deel bei eis. D'Retraçabilitéit vun deene Substanzen ass an deem Kontext och wesentlech.

Madamm Presidentin, en zweete Volet, deem ech nach wëilt uschneiden, bezitt sech net op den europäeschen, mä op de reng Lëtzeburgergesche Kontext, an zwar méi speziell op eist effentlecht Verwaltungswiesen. Hei geet et ganz kloer drëms, driwwer nozedenken, wéi mir eis an Zukunft mussen opstellen, fir komplex Aufgaben a komplex Prozesser wéi ebe grad dee vun der Liewensmëttelsécherheet besser ënner een Hutt oder besser gesot ënner een Daach ze kréien.

De Problem, dass Lëtzebuerg bei der Ëmsetzung respektiv beim Respekt vun der Direktiv un d'Strüewele koom, läit jo doran, dass fënnf verschidden Akteure jee weils fir en Deelstéck vun der Liewensmëttelkette responsabel sinn, ouni dass et zu enger iwwergräifender Koordinatioun vum gesamte System koom. Well de Respekt vun der Direktiv méi wéi dréngend war, hu mer de Problem kuerzfristeg domat behuewen, dass een neie Regierungskommissär d'Missioun vum OSQCA wäert iwwerhuelen.

Dir Dammen an Dir Hären, dës Léisung ass net direkt verwerflech a fënn natierlech och eis Ënnerstützung. Mir mengen awer, dass eng folgend Regierung méi wäit muss goen, wann iwwergräifend politesch Themefelder wéi dëst geréiert musse ginn. Der Europäescher Kommissioun ass et näamlech ganz egal, ob mir op där enger Säit eng Veterinärverwaltung, eng ASTA an en Departement vum Konsumentenschutz hu mat engem Landwirtschaftsminister un der Spëtzt, op där anerer Säit en LNS oder eng Division de la sécurité alimentaire mat enger Gesondheitsministeresch un der Spëtzt, an an der Mëtt vun deenen zwee d'Inspektioun vun der Douane an d'Police.

Der Kommissioun ass et vill méi wichteg an eis alleguer muss et och vill méi wichteg sinn, dass dee ganze System effikass funktionéiert. An eisen Ae kann et nëmmen dann effikass funktionéieren, wa mir méi prozessorientéiert denken an d'Kompetenzen ënner engem eenzegem Daach bündelen. An deem Sënn dierf et an Zukunft net méi drëms goen, déi politesch Handlungsfelder an de besteende Verwaltungsapparate ze quetschen, esou gutt wéi et geet, fir dass keen onzefridde gëtt a kee gréisser Changeementer muss a Kaf huelen.

An Zukunft muss et drëms goen, Dir Dammen an Dir Hären, de Verwaltungsapparat esou opstellen an unzepassen, dass en déi transversal politesch Themefelder méi effikass a méi direkt kann ëmsetzen. Dat ass net nëmmen en Uleis vun der grénger Fraktioun zanter Joren, och déi verschidde Beruffskummeren hunn an hiren Avisen ervirgestrach, dass et net glécklech ass, e Labyrinth opzebauen, an deem déi eenzel Akteure sech séier verléieren. Besser wier et, eng „réforme en profondeur“ duerchzuféieren, esou wéi d'Chambre de Commerce et ausdréckt. Mir sinn net méi 1953 an och net méi 2003, mir sinn 2018!

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, eng modern Réforme en profondeur heescht fir eis, dass mir e Verbraucherschutzministère kéinte schafen a solle schafen, dee weder dem Gesondheitsministère ënnersteet nach un de Landwirtschaftsministère gekoppelt ass, mä eegestänneg funktionéiert.

► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme Josée Lorsché** (déi gréng).- Esou e Ministère kéint sech voll a ganz op de Schutz vun de Konsumente konzentréieren, och a virun allem um Niveau vun der Liewensmëttelsécherheet a villen aneren. E géif zu enger net onwesentlecher Simplification administrative bäidroen a kéint donieft eng berodend Funktioun fir d'Konsumenten iwwerhuelen. An eisen Aen ass dat de Wee, op dee mir solle goen.

Fir ëmzesteieren an d'Konsumenten nach besser ze schützen wéi haut ass et näamlech ni ze spéit!

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci der Madamm Lorsché. Als nächsten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Roy Reding. Här Reding, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Roy Reding** (ADR).- Merci, Madamm Presidentin. Mir sinn eis heibannen allegueren eens, dass eng effikass Kontroll vu Liewensmëttel richteg a wichteg ass, sief et, fir Katastrophen ze verhënnere, wéi d'Madamm Lorsché se elo androcksvoll opgezielt huet, sief et awer och, fir einfach normal hygienesch Bedéngungen a Restauranten oder Frittebudene ze garantéieren.

Et entsprécht och enger Fuerderung vun de Betraffene selwer, dass déi Kontrollen an Zukunft solle besser koordinéiert sinn. Souwuel d'Handwierkerkummer, d'Horeca wéi och de Commerce hu sech an hiren Avisa klipp a kloer ausgeschat fir eng méi einfach an transparent Prozedur, an dat am beschte vun enger eenzeiger Autoritéit.

Dat Zil gëtt mat dësem Text leider nëmmen ganz begrenzt erreecht. Deen neie Kommissär... Woubäi ech wëll eng Zwëschebemierung maachen: Firwat nenne mer nei Institutionen a leschter Zäit ëmmer „Kommissär“? Dat erënnert mech iergendwéi esou un d'Sowjetunioun. Eigentlech misst dat jo den Direkter vun enger Verwaltung sinn. Mir hu jo och net e Kommissär vun den direkte Steieren, mä en Direkter vun den direkte Steieren.

Dee kritt also elo eng Kontrollaufgab, dee Mënsch, dat Organ, an dat ass ganz gutt. E kritt als Aufgab, ze koordinéieren. Och dass gutt. Awer trotzdeem bleiwen déi verschidde Verwaltungen, spréchen Ministären, déi verschidde Autoritéiten, hire jee weilege Ministären ënnergeuerdent. Dat sinn Organer vu Santé, Veterinärinspektioun, Landwirtschaft, Douane, Police, Konsumentenschutz, dat gouf hei schonn opgezielt. An obwuel an d'A gefaasst gëtt, all dës Services méi no beieneen ze bréngen, vläicht souguer op een eenzege geografesch Site, geet dat einfach net wäit genuch. Souguer hir Base-de-donnéeë sinn am Moment nach guer net ënnerenee léiert. A richteg ass d'Zil, dass dee Kommissariat soll d'Kontrollen harmoniséieren. Mä et misst vill méi wäit goen.

Effektiv ass et anormal, wann an dësem wéi an anere Beräicher Kontrolle multiplizéiert ginn, vun diversen Autoritéiten duerchgefouert ginn an de betraffene Betrieb doduerch belaauscht gëtt, a wat iwwerens och de Steuerzueler an Heedegeld kascht. Déi eenzeg richteg Léisung wier gewiescht, an do sinn ech vollkommen d'accord mat der Madamm Hetto an och mat der Kritik vun der Madamm Lorsché, eng eenzeg autonom Entitéit am Beräich Liewensmëttelsécherheet ze schafen ënnert der Tutelle vun engem eenzege Ministère.

Hei hu sech wuel d'Santé, d'Landwirtschaft an de Konsumentenschutz net kënnen d'accord maachen. Si sinn net laanschteneekomm. De Landwirtschaftsminister huet haut net emol méi d'Propositionsrecht, wat de Kommissär ugeet. An trotz dem Gusty Graas senger leschter Remark iwwert d'Roll vum Landwirtschaftsminister muss ech soen, fir am Langage vun der Weltmeeschterschaft ze bleiwen: Hei steet et LSAP 1 : DP 0.

Zwee weider Punkte sinn héich kritikabel. Dat eent, dass sinn déi staatlech Aufgaben, déi gi vum Steuerzueler bezuelt an et ass anormal, eng staatlech Kontroll ze taxéieren. Stellt Iech vir, e Polizist kontrolléiert Äre Führerschäin an erhieft duerfir eng Tax vun 10 oder 20 oder 50 Euro, obwuel de Führerschäin an der Rei ass.

Gott sei Dank gouf hei d'Tax nëmmen agefouert bei enger zweeter Kontroll no engem Constat vun enger Onregelméissegkeet. Mä trotzdeem si mir als ADR géint weider Taxen a selbstverständlech och géint dës Tax fir eng staatlech Kontroll, déi ëmmerhi ka bis zu 10.000 Euro bedroen.

Deen zweete grouss Kritikpunkt ass déi automatesch, jo souguer déi blann Verëffentlechung vu Resultater vu Kontrollen. Hei besteet, wéi d'Handwierkerkummer et zu Recht monéiert huet, d'Gefor vun engem Mëssbrauch, sief et fir ze schueden oder sief et och fir op dësem Wee indirekt e Betrib ze bestrofen, an dat och fir geréngfügeg Nonkonformitéiten. Mir mussen eis selwer och praktesch virstellen, wat an enger Kichen zum Beispill alles ka schifgoen. E Léierbouf huet vläicht eng Zalot an de Frigo gestallt, déi hätt missen entsuergt ginn, scho si mer bei enger Nonkonformitéit. Oder et si bei de Plättercher Problemer, scho si mer bei enger Nonkonformitéit a scho kritt dee Betrib an d'Fenster gehaangen, e wier, naja, zumindest douteux.

Ech weess net, ob Dir géift an esou e Restaurant goen. Mir schueden domadder deene Betriber iwwerproportional, och scho bei geréngfügigsten Nonkonformitéiten oder Tëscheffäll, déi kënnen stattfannen.

Dëst Gesetz ass also elo, an der Zomm gekuckt, en éischte Schrëtt an déi richteg Richtung fir méi onkomplizéiert an harmoniséiert Kontrollen. An dësem Domän geet et awer bei Wäitem

net wäit genuch. An déi nei Taxen an d'Zwangspublikatioun vu Resultater léisst eis schlussendlech keen anere Choix als ADR, ewéi géint dësen Text ze stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Reding. Als leschten ageschriwwene Riedner hunn ech den Här Marc Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Merci, Madamm Presidentin. Dëst Gesetz huet e laange Wee hanner sech. Et gouf nach vun der leschter Regierung deposéiert a war dunno zanter fënnf Joer an der Kommissioun, bis et dann elo haut endlech hei soll gestëmmt ginn.

Déi fënnf Joer sinn awer eng relativ kuerz Zäit, wann ee bedenkt, dass déi europäesch Reglementer, déi dëst Gesetz erfuere, schonn 2002 respektiv 2004 a Kraaft getruede sinn a sech säitdeem der Lëtzeburgergescher Gesetzgebung quasi imposéieren. An trotz allen Erklärungen, déi och d'Rapportrice, d'Madamm Hemmen, ginn huet, wat och an deenen zéng Joer geschitt ass, bleift et erstaunlech, dass Lëtzebuerg zéng Joer brauch, fir iwwerhaapt e Gesetz op den Instanzewege ze bréngen, wat zwar eng gewësse Komplexitéit huet, mä awer sécher net zu deenen allerkomplexste gehéiert, déi mer an deene leschte Méint oder an deene leschte Joren hei an der Chamber votéiert hunn, an dass dat Gesetz dann nach fënnf Joer brauch innerhalb vun der legislativer Prozedur. An dat, wann et ëm esou ee wichtige Beräich wéi d'Santé publique geet!

Dat huet op eng net ganz rumräich Aart a Weis e bëssen Traditioun. Dat gesi mer och bei der Situatioun vum Waasser an de Kläranlagen, wou Lëtzebuerg och nach ëmmer net konform ass. An eppes steet fest, näamlech dass a Beräicher, déi d'effentlech Gesondheet an d'Wuel vun de Leit betreffen, dës an awer och déi Regierunge virdru bedeitend manner fläisseg sinn, wéi wann et drëms geet, „first mover“ bei der Erschleissung vun Nischen an der Duerchsetzung vu Wirtschaftsinteressen ze sinn. Dat rezente Beispill hu mer eréischt gëschter gesinn, wou mer e Wirtschaftsfofkomme mat Armenien gestëmmt hunn, ier souguer d'Europaparlament dat votéiert huet, eppes, wat zimlech exceptionnel ass fir d'Parlament.

Madamm Presidentin, zum Gesetz selwer, zum Inhalt: Dat, wat vun deenen neie Bestëmmungen um Dësch läit, geet fir eis eendeiteg an déi richteg Richtung. Déi verschidden Akteuren, déi an der Kontroll vun der Qualitéit vun den lesswueren intervenéieren, gi méi effikass organiséiert a sollen an Zukunft vun engem Regierungskommissär koordinéiert ginn. Et gëtt e legale Kader geschafen, deen Taxen zulaaschte vu Betriber, déi bei enger Kontroll duerchgefall sinn, erméiglecht an donieft penal Sanktiounen bei widderhuelten oder schlëmmen Verstéiss erméiglecht. D'Kontrolle ginn esou méi dissuasiv an, dovunner gi mer aus, och doduerjer méi wirksam. Aus notament deene Grënn wäerte mir dëst Gesetz och matstëmmen.

Allerdéngs befanne mer eis jo bei dësem Projet an engem vill méi vaste Beräich, bei deem et net just ëm d'national Agencé fir Qualitéitssécherung geet, mä et ass e Beräich, bei deem den Agrobusiness, d'Chimieskonzerner, déi grouss lesswueren- a Verpackungsindustrien déi wierklech mächtig Akteure sinn, an net onbedéngt déi national Regulateuren. An dass déi net d'effentlech Gesondheet am Sënn hunn, wësse mer net zulescht duerch déi onzieleg lesswuereskandalen aus der Vergaangenheet, déi d'Madamm Lorsché virdru jo och opgezielt huet an déi och d'Basis ware vun der europäescher Initiativ, déi am Ufank vum Jorhonnert geholl ginn ass, fir hei méi staark ze intervenéieren.

Mir wëssen et och duerch déi deelweis skrupellos Methoden, déi genau déi dote Konzern, zum Beispill d'Produzente vu chemeschen Planzeschuttmëttelen, uwennen, fir op EU-Niveau eng Politik am Interess vun de Konsumenten ze verhënnere. Esou ass et schwéier, fir dem Hauptzil vun dësem Gesetz, näamlech der Ofsécherung vun der Santé publique, wierklech nozekommen.

Wa beim Ubau vu Mais oder beim Fudder fir d'Kéi massiv Pestiziden agesat ginn, déi noweislech kriebserreegend sinn, an awer mächtig Lobbye vu multinationalen Chimieskonzernen verhënnere, dass deenen Informatiounen iwwer méiglech Gesondheetsschied beim Émgang mat deene Mëttele Rechnung gedroe gëtt, dann hu mer herno awer Produite um Marché, déi potenziell geféierlech si fir de Konsument.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Wann op nationalem Niveau deem net Rechnung gedroe gëtt, well deem deelweis net Rechnung gedroe

ka ginn, da muss ee sech awer froen, awéieren eng Qualitéitssécherung vun lesswueren awer net zumindest ganz staark limitéiert ass. Datselwecht gesi mer och an anere Beräicher, zum Beispill bei de Verpackungen vu verschiddenen lesswueren, déi deelweis nogewise gesondheetlech Risiken a sech biergen. En äänleche Problem stellt sech um europäesche Marché, wou a verschiddene Länner datselwecht Produkt mat mannerwärtigerem Inhalt verkaaft gëtt wéi an aneren.

Madamm Presidentin, e weideren Aspekt a fir eis e ganz wichteg, deen am Gesetzesprojet just kuerz ugeschwat gëtt, deen awer ganz zentral ass, ass dee vun der Qualitéit vum Drénkwaasser. Déi ass mat dësem Gesetz net viséiert, well hei den Ëmweltministère mam Waasserwirtschaftsamt responsabel sinn. Dobäi ass awer d'Waasser déi wichtegst a wahrscheinlech esouguer déi am meeschte konsuméiert Denrée alimentaire an donieft och nach déi fragillst vun deenen alleguer, well se vun immens ville schiedlechen Aktivitéiten a Matleedeschaft gezu ka ginn: virop natierlech de Pestizidasaz an der Landwirtschaft oder an de Privatgäert, oder duerch industriell Véihaltung.

Dëst sinn alle béid Phenomene, déi net onbedéngt ofhuelen, deelweis souguer éischter zouhuelen an doduerjer och erëm zu deem méi breede Kontext gehéieren, deen d'Produktioun vun eisen lesswueren an allgemeng den Émgang mat den natierlechen Ressourcen ëmfaasst.

An dese Beräicher spillt Lëtzebuerg och net ëmmer grad eng Virreideroll. An dowéinst droe mer zum Deel och bäi zum Weiderbestoe vun engem wirtschaftleche Kader, an deem eng Qualitéitssécherung vun lesswueren op nationalem Niveau just un der Uewerfläch kraazt an och just déi schlëmmsten an direkt visibelst Abuse ka verhënnere.

Ech hunn et gesot, Madamm Presidentin, mir wäerten dësem Text zoustëmmen an der Hoffnung oder am Bewusstsein, dass nach ganz vill Spitt no uewen ass an dass een och op europäeschem Niveau nach wesentlech méi wäit misst goen.

Ech soen Iech Merci.

► **Mme Simone Beissel**, *Présidente de séance*.- Merci dem Här Baum. Ech hunn elo keen Deputéierte méi ageschriwwen. Da géif ech elo d'Madamm Gesondheitsminister Lydia Mutsch hei eropbiede fir hir Prise de position. Madamm Minister, Dir hutt d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **Mme Lydia Mutsch**, *Ministre de la Santé*.- Merci, Madamm Presidentin. Heiansdo muss ee jo zouginn, dass et immens guttdeet, wann een de Bléck vu bausse siche geet, fir eng Analyse um Terrain ze maachen. An ech muss soen, wéi mer 2015 den Audit zesumme mam Landwirtschaftsministère gemaach hunn, du ware mer zwar net erstaunt, mä mir waren awer immens frou, wéi mer gesot kritt hunn, dass d'Liewensmëttelkontroll hei zu Lëtzebuerg, an zwar souwuel wat d'Kompetenz vun den Agenten, déi ënnert der Tutelle vun e puer Ministère funktionéieren, wéi och wat den Engagement wéi och wat d'Disponibilitéit ugeet, enorm gutt wier. An dat war eis ganz wichteg.

An ech mengen, dass soll een och hei ënnersträichen, well dat ass keng einfach Aarbecht, déi do um Terrain geleescht gëtt. Et ass och keng Aarbecht am Genre tëschen moies néng an nomëttes fënnf Auer. Dat ass eng ganz fuerderend Aarbecht, eng ganz villsäitig Aarbecht. An ech mengen, dass soll een och eng Kéier hei soen, dass d'Agenten vun deene verschiddene Ministären hei eng ganz wäertvoll Aarbecht um Terrain leeschten.

Mä wann een awer ee vu bausse freet, fir dee Bléck op Lëtzebuerg ze geheien, da muss een awer och akzeptéieren, dass deen eng Rei vu Saache fënn, déi nach net esou optimal funktionéieren a wou nach Verbesserungsméiglechkeeten sinn. An dofir hu mer jo och deen Audit do gemaach.

Mir hunn niewent deem ganz positive Constat, deen ech awer hei wollt ervirsträichen, ganz vill Recommendationen kritt, wat d'Synergien méiglechkeeten ubelaangt, wat d'Mise en commun vu Services ubelaangt, wat d'Mise en conformité virun allem zu den europäeschen Sanktiounen ubelaangt an och wat d'Méiglechkeeten ugeet, fir a puncto Organisation Verbesserungen um Terrain ze kréien, souwuel fir d'Informatioun vum Verbraucher ze verbesseren, awer och fir d'Kontrollen als solch kënnen méi iwwersichtlech ze organiséieren an domadder och de Betriber entgéintzekommen. Dat war also e ganz wichteg Element an der, wéi et hei



scho richtig gesot ginn ass, laanger Geschicht vun dësem Projet de loi. An dat sinn Elementer, déi och agefloss sinn an dat heite Gesetz an déi och wierklech wichteg sinn.

Ech wëll net elo all déi Elementer, déi hei schonn ervirbruecht gi sinn, ervirgestrach gi sinn, virun allem duerch den exzellente Rapport vun der Madamm Hemmen, nach eng Kéier widderhuelen. Mä ech wëll awer am Résumé déi Saache soen, déi mir ganz besonnesch um Härz leien.

Dat ass fir d'Alleréischts emol eng effikass Reorganisatioun vun den existente Strukturen. Dat hu mer mat deem heite Gesetz fäerdegbruecht an et war och wichteg, dat ze maachen.

Zum Zweeten, d'Mise en place vun engem Kommissär, engem Regierungskommissär, fir a Saache Qualitéit, Fraude a Sécurité alimentaire a virun allem a Saache Koordination um Terrain eng wäertvoll Aarbecht ze leeschten.

Drëttens, d'Kreatioun vun enger Base de données unique, dat ass eppes Komplexes, mä an dësem Fall eppes ganz Noutwendeges. An dat ass och e wichtegt Element vun där ugestriefte Zesummenaarbecht.

Véiertens, d'Harmonisatioun vun de Procéduredes-contrôles. Dat war och ee Kärstéck vum Audit an et war och e Kärstéck an deene multip-len Avisen, déi mer vun de Berufskummere kritt hunn. An et war eis wierklech dru geleeën, fir déi Recommandatiounen mat op de Wee ze huelen.

Da wierklech d'Mise en place vun engem ëmfaassende System vu Kontrollen a vu Sanktiounen, a wou et och richtegen Nohuelbedarf gëtt, wat d'Mise en conformité zu den europäeschen Dispositiounen ugeet.

A sechstens, d'Transparenz vun de Resultater vun deene Kontrollen. An hei hu mer natierlech haaptsächlech den Interêt vun de Bierger am Visiér, well wann déi Kontrolle gemaaht ginn a mir verstoppe se, dann ass dat och net am Interêt vum Bierger, vum Konsument. Dofir ass et och ganz wichteg, dass mer mat Hëllef vun dësem Gesetz Verbesserungen an deem Beräich ustriewen. Dat sinn also am Résumé déi sechs Mesuren, déi mer hunn an déi mer elo ëmsetzen.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Wat elo d'Optimisatioun vun de Kontrollen ubelaangt, esou ass hei d'Stéchwuert Koordination. Mir hate wuel elo eng Struktur OSQCA, déi elo awer keng eigentlech gesetzlech Grondlag hat a wou eigentlech och dat Element vun der Kontroll net verstärkt an den Attributiounen vun der Alldagsaarbecht vun deem Gremium konnt eraffléissen. Och wann, an dat wëll ech och ënnersträichen an och dat gouf am Audit gesot, hei vun deenen, déi am OSQCA waren an nach ëmmer sinn, eng ganz gutt Aarbecht geleescht gëtt, déi awer och mat dozou bäigedroen huet, dass mer e gudden Numm hu fir déi Kontrollen, déi hei zu Lëtzebuerg gemaaht ginn.

Mä déi Optimisatioun, déi ass awer elo ganz wichteg. An do sinn e puer Saachen ze soen. Zum Éischte sinn ech der Iwwerzeegung, dass een net richtig gutt zesummeschaffe kann, wann een net physisch regroupéiert ass. Dat hu mer decidéiert d'un commun accord, déi concernéiert Ministeren. An dat wäert och elo en place gesat ginn.

Zum Zweete brauche mer eben iwwert déi Grondlag, déi dëst Gesetz eis schafft, eng Persoun, déi déi Koordination um Terrain ka maachen. Hei war d'Fro gestallt ginn, wat dann elo de Profil vun där Schlëselfigur fir déi zukünfteg Koordination soll sinn. Majo do ass virgesinn, dass dat eng Persoun ass, déi eng Fonctioun à responsabilité particulière ze erfëllen huet an am Grad 17 wäert agestellt ginn, dat heescht, am Prinzip aus der Carrière supérieure kënt a virun allem awer e Background misst hunn - ech mengen, dat wier op alle Fall wichteg - vun der Sécurité alimentaire, dat heescht, och familiariséiert ass mat där Thematik an och mat Prozeduren, déi do ronderëm drunhänken. Mä dat gëtt jo alles elo nach definiéiert an och ofgestëmmt. Mä da wësst Der awer schonn, a wéi eng Richtung dat wäert goen. An ech hunn och keen Zweifel dorunner, dass mer do déi am beschte géeeegent Persoun wäerte fannen.

D'Base de données unique, dat schéngt mer wierklech e ganz zentraalt Element ze sinn, well déi verschidden Akteuren am Domän vun der Kontroll, déi kënnen, wa mer esou eng Base de données hunn, vill besser zesummeschaffen. Dat ass einfach fir d'Retraçabilitéit vun deene

verschiddenen Aktiounen, déi an enger besserer Koordination, enger besserer Ofstëmmung stattfannen, fir dass déi awer och an enger gemeinsamer Base de données ofgeluede kënnen ginn an een och en Zougrëff do huet als Akteur, deen do concernéiert ass. An an deem Sënn hu sech déi respektiv Servicer och schonn zesummegeet. Dat ass e Groupe de travail, dee scho fonctionnéiert zesumme mam CTIE, fir dass eben eng Fusioon vun deenen existente Bases de données ka stattfannen. Dat huet also e prioritäre Charakter. An do war jo och eng Rei vu Froen doriwwer gestallt ginn.

D'Harmonisatioun vun de Procédures de contrôle ass wierklech ganz, ganz wichteg. Well wann dat eis geléngt, dann hu mer net nëmme ganz wichteg Recommandatiounen vusäit vun de Porte-parolë vun de Betriber rassuriert, mä mir hu virun allem och séchergestallt, dass mer beschtméiglech um Terrain déi Kontrolle kënnen effizient organisieren. An dat ass schlussendlech och immens wichteg fir all Politik ronderëm d'Informatioun, ronderëm d'Kommunikatioun. A virun allem gëllt dat am Fall vun enger Alerte oder vun enger Kris. An do schafft jo ebe grad dat heite Gesetz eis d'Méiglechkeet, fir kënnen sur place Mesured'urgences ze huelen. An dat ass ganz wichteg.

D'Aféierung vun engem Système de contrôle et de sanction: Ech mengen, mir hunn natierlech e Secteur, dee gutt fonctionnéiert, soss hätte mer dat och net esou temoignéiert kritt. Mä wéi an all Secteur ginn et och schwaarz Schof. An de Secteur selwer ass Demandeur, dass déi schwaarz Schof och kënnen identifizéiert ginn an dass si dann och iwwert dat heite Gesetz - dat war bis elo net an deem Mooss de Fall, dass mer dat konnte maachen - dovunner ofgehele ginn, fir an der Praxis Aufgaben um Terrain net ze erfëllen, well se eben einfach wëssen, dass seriö Sanktiounen virgesi sinn. An do sinn et net manner wéi 19 europäesch Reglementer, déi dann alleguerter mat deem heite Gesetz ëmgasat ginn, wou dann och déi Sanktiounen an déi Mesuren, déi do ronderëm dréien, mat an dëst Gesetz affléissen.

D'Transparenz vun de Resultater vun der Kontroll: Ech mengen, déi Transparenz ass ganz wichteg ze maachen, well mir hunn eng Obligatioun vis-à-vis vum Bierger, fir dat ze maachen, a mir mussen dat och esou maachen.

Nach e puer Äntwerten op konkret Froen, déi gemaaht gi sinn. D'Mesure-d'urgences: Jo, do ass et richtig, dass mer direkt op der Plaz kënnen Measure-d'urgences huelen, wann eng Gefor ass fir d'Gesondheet vum Mënsch. Dat ass ee vun de Voiete vun deem heite Gesetz.

Internetkontrollen: Déi gi schonn haut vun der Divisioun vun der Sécurité alimentaire an der Direction de la santé gemaaht, alleréings ouni déi grondleeënd gesetzlech Basis, déi mer elo heimadder schafen. Déi kréie mer elo. Dofir setze mer dat elo op déi Grondlag, déi et muss hunn.

D'Taxen: Also ech mengen, ech wëll hei dem Spriecher vum ADR soen, wann et weinst den Taxen ass, wou Der dat Gesetz net wëllt stëmmen, da kënt Der et stëmmen, well dat sinn Taxen, déi virgesi sinn iwwer eng EU-Reglementatioun. Dat heescht, mir maachen hei näischt anescht, wéi hei europäesch Recht ze applizéieren. An ech denken, dass jo awer keen der Meinung ass, dass mer dat net wëlle maachen. Well wat eis wierklech wichteg war, an dat wëll ech nach eng Kéier betounen, dat ass, dass mer hei de Champs d'application ausgeeent hu vis-à-vis vun där Versioun, déi mer virun e puer Joer doleien haten, an dass mer wierklech hei elo e gesetzleche Kader schafen, deen de ganzen Ensembl vum Dispositiounen fir d'Protektioun vun der öffentlecher Gesondheet an der gesamter Chaîne alimentaire kréiert. An do ass dat Partie intégrante dovunner.

D'Iwwergangszäit, do mengen ech, dass mer déi och wäerten harmonesch kënnen gestalten, well effektiv, an den Här Graas hat dat d'Éinnescht och scho gesot, wäerten déi éischt Verwaltungen elo scho plënnere an en neit Gebai zu Stroossen. Do ass d'Divisioun vun der Sécurité alimentaire an der Direction de la santé déi Éischt, déi wäert plënnere. Dat ass scho fir am August virgesinn, ufanks August. An d'Administration des services vétérinaires wäert dann am September nozéien. Dat heescht, dat ass schonn esou virgesinn.

Mir hunn dann och Büro fir d'Leit vun der Douane virgesinn, déi am Optrag vum Minister vun der Santé ënnert der Supervisioun vun der SECUALIM haaptsächlech am Horesca-Beräich intervenéieren. Dofir ass et ganz, ganz wichteg, dass si alleguerter do matagebonne sinn. Bon, d'ASTA ass net direkt elo vun eisem Projet de loi betraff, well si sech méi ëm d'Qualitéit këmmere an deen Aspekt jo an dem Projet de loi 7273 vum Landwirtschaftsminister couvriert ass. An nawell komme si an dee Verbond mat

eran, wou mer jo wierklech wëllen Hand an Hand an der Zukunft schaffen.

Dann am Zesummenhang mam Smiley: Och dat war hei vusäit vum Här Reding e bëssen eng vereinfacht Duerstellung. Et kann een net opgrond vun engem Kritär säi Smiley, säi grénge Smiley ewechgeholl kréien, well et sinn der 42 am Ganzen. Dat heescht, wann een do schlecht ofschneit an dat gëtt och dann no baussen dokumentéiert, da muss ee schonn eng Zomm vu ganz ville Kritären net applizéiert hunn, fir e schlechte Ranking ze kréien. Dofir, mir sinn hei bei engem, mir si bei ville Kritären. A Gott sei Dank wäerten et der net vill ginn, déi déi Kritären do net erfëllen, well d'Be-reetschaft ass ganz grouss um Terrain, fir matzeschaffen. An dofir sinn ech och ganz fro.

D'EFSA, do gëtt et e Projet de règlement vun der Kommissioun, deen ënnerwee ass. An do ass virgesinn, Etude public ze maachen a Regéieren ze kréieren - dat war eng Fro vun der Madamm Lorsché -, wou all Etüden, déi d'Industrie maachen, bei der EFSA musse gemellt ginn. Ech mengen, dat wier e wichtige Schratt fir déi komplex Thematik, déi Dir hei abordéiert hutt.

An dann, Här President, géif ech jiddwerengem Merci soen, well ech awer spieren, dass mer eng ganz breet Zoustëmmung fir dëse Projet kréien. E wäert eis méi Sécherheet bréngen, méi Hygiène, eng besser Informatioun, eng besser Sensibilisatioun, eng besser Koordination. An dofir sinn ech sécher, dass dat Gesetz eng grouss Plus-value duerstellt, wat den Terrain, d'Liewensmittelsécherheet um Terrain an de Schutz vun der öffentlecher Gesondheet ubelaangt.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Mir sinn domat um Enn vun der Diskussioun vum Projet 6614 ukomm a mir kënnen zur Ofstëmmung iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6614 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass eriwuer.

57-mol Jo, 2-mol Nee. Domat ass...

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Et ass net gaangen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ah, et ass net gaangen. Dir sidd also dee Sechzegtsten.

(Interruption)

Okay. 3-mol Nee. Domat ass de Projet ugehall.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6614 est adopté par 57 voix pour et 3 voix contre.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par M. Marcel Oberweis), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Martine Mergen), Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Diane Aehm), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par M. Alex Bodry), Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Max Hahn), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner (par M. Marc Baum).

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir kënnen zum nächste Projet vum Ordre du jour iwwergoen, dem Projet 7176, engem Accord tëschent Lëtzebuerg a Frankräich, wat déi grenzüwwerschreidend Kooperatioun am Sanitärberäich ugeet. An d'Madamm Cécile Hemmen, d'Rapportrice, huet d'Wuert.

4. 7176 - Projet de loi portant approbation de l'accord-cadre entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République française sur la coopération sanitaire transfrontalière, fait à Luxembourg, le 21 novembre 2016

Rapport de la Commission de la Santé, de l'Égalité des chances et des Sports

► **Mme Cécile Hemmen (LSAP), rapportrice.** - Merci, Här President. An dësem klengen Projet de loi geet et drëms, fir den Accord-cadre ze approvüiere vun der Coopération sanitaire, deen tëschent de Regierunge vu Lëtzebuerg a Frankräich den 21. November 2016 ofgeschloss gouf bei Geleeënheet vun der fënnefter Conférence intergouvernementale franco-luxembourgeoise pour le renforcement de la coopération transfrontalière, kuerz genannt CIG.

De Gesetzesprojet gouf de 4. September 2017 deposéiert. Den Avis vum Statsrot ass den 20. Februar erakomm. De 6. Mäerz sinn ech als Rapportrice ernannt ginn an de 24. Abrëll ass de Rapport an der Santéskommissioun ugehall ginn.

Et si jo haaptsächlech d'Grenzzone, an deenen d'Kooperatioun tëschent de Länner sech beschtméiglech entwéckele kann a wou dem reelle Besoin vun de Bierger kann iwwer e kuerze Wee Rechnung gedroe ginn. An där Optik ass och dësen Accord-cadre geduecht, wou et ëm de wichtigen Aspekt vun den Accès aux soins geet. Esou sollen d'Bierger vun enger séierer a qualitativ héichwäerteger medezinnescher Versuergung kënnen profitéieren, sief et iwwer Rettungsdéngschter an enger Urgence, iwwer programmiert Soinen oder awer och bei chronesch Krankheeten.

D'Gesetz besteet aus engem Article unique, dee just d'Approbatioun vun dësem Accord-cadre festhält. Alles an allem ginn et an dësem Accord Präzisiounen a ronn zéng Artikelen, wou zum engen de juristesche Kader festgehal gëtt, zum aneren ass awer och definiert, dass d'Grenzzone sech tëschent dem ganze lëtzebuergeschen Territoire erstreckt an der Région Grand Est vu Frankräich. En applizéiert sech un all Persoun, déi krank- a sozialverséichert ass an déi fest oder temporär an enger vun de Grenzzone leeft. Datselwecht gëllt fir déi Professionell aus dem Gesondheetssektor, sief et Saliären oder Independanten, grad ewéi fir déi Professionell an och déi Benevoll vun den Urgencéservicer.

Fir dass dësen Accord kann an der Praxis fonctionnéieren, ass am Artikel 4 stipuléiert, dass béid Grenzregionen hir Autoritéiten an Institutiounen designéieren, fir Konventiounen auszeschaffen tëschent de jeeewelege Strukturen oder och de gemeinsamen Déngschtleeschungen.

Juristesches gesi spillt déi medezinnesch Responsabilitéit an deem Land, wou d'Soine stattfannen. Des Weideren ass och jiddwer Professionellen aus dem Gesondheetssektor gehalen, eng Assurance mat Responsabilité civile ofgeschloss ze hunn.

Den Accord-cadre, deen trëtt a Kraaft zwee Méint nodeems déi béid Länner hir intern Formalitéite fäerdeg hunn a se sech géigesäiteg notifiéiert hunn.

Ofschléissend wëllt ech nach eng Kéier drop hiweisen, dass dës Kooperatioun tëschent den zwou Grenzregiounen Lëtzebuerg a Région Grand Est eng enorm Plus-value duerstellt, wat d'Organisatioun vun de Soinen ugeet an der Prise en charge vu Patienten am Allgemengen. D'Frontalière wäerte wuel déi Éischt sinn, déi den direkte Profitt heivunner wäerte spieren. Mä doriwwer eraus kann een hei vun engem Motor schwätzen, wat d'Gesondheetspolitik ugeet am Hibleck op d'Mobilitéit an der Europäescher Unioun.

Dat wär et, wat ech ze soen hätt am Kader vun dësem Rapport, an ech ginn den Accord vun der sozialistescher Fraktioun.

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. An ech géif dem Här Jean-Marie Halsdorf direkt d'Wuert ginn.

Discussion générale

► **M. Jean-Marie Halsdorf (CSV).** - Merci, Här President. Här President, ech si frou, dass d'CIG Friichten dréit. Dës ass jo 2010 gegrënnt ginn an ech war deemools an der éischter Rei, wéi dës Gremium gegrënnt ginn ass, dee jo soll Neel mat Käpp maachen, wéi ech esou gär soen, an der Groussregioun.

Hei kréie mer jo da konkret en Accord-cadre, wat eng ganz gutt Saach ass. D'CSV wäert och